**Evangelium vu Liichtmëssdag** [2. Februar] **(Joer A - B - C)**

**Lk 2,22-32** (Kuerzfaassung)

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

22 Wéi et un der Zäit war,
fir sech dem Moses sengem Gesetz no rengegen ze loossen,
hunn de Jouseph an d'Maria de Jesus erop op Jerusalem bruecht,
fir hien dem Här ze weien
23 – esou wéi am Här sengem Gesetz geschriwwe steet:
*All männlecht Kand, dat der Mamm hire Schouss opmécht,*
*soll helleg genannt an dem Här geweit ginn*[a] –
24 a fir Affer duerzebréngen
– esou wéi am Här sengem Gesetz gesot gëtt:
*eng Koppel Duerteldauwen oder zwou jonk Dauwen*[b].

25 Zu Jerusalem war e Mann, dee Simeon geheescht huet.
Dëse war gerecht a fromm,
hien huet drop gewaart, datt Israel getréischt géif,
an den hellege Geescht war op him.
26 Vum hellege Geescht war him virausgesot ginn,
hie geséich der Doud net,
éier hien dem Här säi Christus gesinn hätt.

27 Geleet vum Geescht, ass hien elo an den Tempel komm,
a wéi d'Elteren hiert Kand, de Jesus, erabruecht hunn,
fir dat, wat vum Gesetz fir hie virgeschriwwe war, ze maachen,
28 huet de Simeon d'Kand an seng Äerm geholl,
huet den Herrgott gelueft a sot:
29 "Elo kanns du däin Dénger, Här,
a Fridde goe loossen, esou wéi s du gesot hues,
30 well meng Aen hunn d'Rettung gesinn, déi vun dir kënnt
31 an déi s du fir all d'Vëlleker bestëmmt hues,
32 e Liicht, dat Offenbarung bréngt fir d'Heeden
an Herrlechkeet fir däi Vollek Israel."

*G.* *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A.* *Dech, Christus, luewe mir.*

---

[a] *Ex 13,2.12.*
[b] *Lev 12,8.*